N°190
Entrée le 06.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°190 vum 17. Januar 2024 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement.**

1. **An der Vergaangenheet goufen des Subside spéitstens Ufanks des Joers ausbezuelt. Kann de Sportminister confirméieren, dass dat och elo Ufanks 2024 de Fall wäert sinn oder ob et eventuell Problemer gi beim Ausbezuele vun dëse Subside fir d'Saison 2022-2023?**

Wéi aus menger Äntwert op déi dringend parlamentaresch Fro n°174 eraus gaangen ass, ginn et keng Problemer, respektiv Retarde, beim Ausbezuele vun de Subsiden. Déi agereechten Demandë si vu menge Leit mat der néideger Suergfalt traitéiert ginn an d'Paiementer vun de Subsiden um Instanzewee.

2. **An der Vergaangenheet ass et oft zu Depassementer vum ageplangte Budget fir de Qualité+ komm.**
    - **Wéi vill vum ageplangte Budget gouf schonn ausginn?**

De genannte Budget ass komplett engagéiert ginn a wäert an de nächsten Deeg ausbezuelt ginn.

- **Wäert et och fir d'Joer 2023 nees zu engem Depassement kommen? Falls jo: Vu wat fir engem Montant geet de Sportminister do aus?**

Fir d'Joer 2023 ass en Depassement vun 1.640.000 EUR ugefrot ginn. D'Prozedur leeft.

3. **Bis wéini kënnen d'Veräiner domat rechnen, dass de Subside Qualité + an de Subside ordinaire fir 2023 ausbezuelt wäerte ginn?**

Wéi erwäänt ass d'Ausbezuele vun de genannte Subsiden um Instanzewee. Deemno wäerten d'Paiementer an de nächsten Deeg saiséiert ginn.

**Lëtzebuerg, de 6. Februar 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo